



PERSO'NEN:

Den Hèr Charlé, e reiche Fabrikbesetzer.

Madame Charlé, seng Fra.

Lisy, hir Duechter.

Josy, hire Jong.

Den Hèr Robert, 1te Comptabel beim Hèr Charlé

Den Hèr Oscar, Assistent beim Hèr Charlé.

Jean, Denger aus dem Haus

2 Mann Polizei.

2 Braconniéén.

Scénérie: I. Akt: Am Hèr Charlé sengem Salon.

II. Akt: Am Park (rechts en Duerf, lenks Besch.)

III Akt: Am Hèr Charlé sengem Salon.





I. AKT.

1. Optrett.

(D'Mamm, eng Perso'n an de' 50 Joeren, setzt an engem Klubsessel a stode'ert eng Mo'denzeitong.)

Lisy: (Et kent am Hutt eran.) Hei sin ech, Mama. (Get der Mamm eng Bés.) Gèlt ech hun net ze lîng op mech warde lîsst.

Mamm: Ganz recht, mei Kand, ech wêss dass du dengem Eltern kên Ierger mechs. Wuer wars du dann mat denge Frenndinne spaze'eren?

Lisy: Mir ware bis an de Park. Bei dém hêrleche Wieder ass et wirklech e Genoss, a Gottes freier Natur ze sin. — Wo' ass de Josy an de Pappa?

Mamm: De Josy, fro nach, am Wirtshaus; an dei Papp, am Büro. En huet schon no dir gefrot. Ge'h emol bei hien.

Lisy: Da gin ech him elo gleich Bonjour soen. (Lisy of.)

Mamm: Ja, ja, onst Lisy ass nach voller Liewensfréd. 'T ass gudd dass hatt dé Kummer net geseit, dén ons bedreckt. Onse Josy, dat gefélt Kand, ass alles an der Schold. Et muss nach schlemmer an der Fabrik gestalt sin ewe' ech mir et virstellen. Mei Mann sét mir net alles, an dach huelen ech et enuecht. Hien ass net me' dé liewensfro'he Charel vun démols. (traureg) Hien ass ganz kûrz ge'nt mech. (Eng kleng Paus — enèrgesch) Et muss eng Ännerong kommen.

2. Optrett.

Josy: (Kent zur Dir eran, d'Hoer durchernên, de Coll an de Schlapp op enger Seit an d'Dunn enert dem Arem. Iwer-

dém wo' hien era kent sengt en d'lèscht Stroph vun
«Schön ist die Jugend, sie kommt nicht mehr», a sét :)
Hei sin ech. Gèlt d'Zeit ass iech lîng gin bis ech ko'm.
Wat hât ech ower eng Arbecht fir durch d'Leit ze kommen.
(Schwènkt hin an hir, wellt d'Dunn op d'Mantelbriet
hènken, sie fällt erem erof.)

Mamm: (be's) Ech wêss net, Josy, wo's du dech eso' kanns
dem Dronk higin! Aplâtz op dengem Büro ze sin, le'sst
du Gottes Wâsser iwer Gottes Erdbuedem lafen. Du
solls alles léden an du lêfs nemmen de Wîrtsheiser no.

Josy: De Be'er muss och d'Strass ofgelêt gin. (Setzt sech un
d'Enn vum Desch a steipt de Kapp an de' recht Hand.)

Mamm: Dat muss émol ophe'eren. Dei Papp, dé mat senger
Arbecht scho vólleg a genug huet, muss deng Lidregkêt
erno huelen. En huet de Kapp eso' voll — — —

Josy: (enerbrecht) Majo, dann ierger dech net, dann ass et
him net besser we' mir.

Mamm: Du kanns nach wuel de Spott mâchen. Du solls
dech schummen, de' gutt Erze'hong, de' deng Eltern dir
gin hun, eso' zo' Schânen ze rîchten.

Josy: Iwerhapt! Wanns du mir eng Ried wells halen da
schreiw mir s'op a lé s'op den Nuetsdesch.

Mamm: (be's) Ge'h, wann all gutt Wieder neischt hellefen,
da wêrde mir schon e greifbart Mettel fannen, fir eng
Ännerong erbeizefe'eren.

•=====

3. Optrett.

Papp: (Kent am Büroskiddel eran.) Wat ass dat en Dûrch-
ernên, 't ass kênen Hennescht a kê Vîscht me' ze fannen;
kê Mensch fend sech erem an déne Bicher. (Zum Josy
gedre't) An do bass du och, wo' kens du hir? — (Kêng
Äntwert) Wars de nês am Café vis-à-vis? (De Papp
reselt de Kapp, schle't d'Hänn op de Réck a gêt ganz
nervös op an of.) Dég an Nuechte verbrengs du do, un
deng Arbecht dênks du se'er we'neg. An dat we'neg, was
du an dengem Delirium tremens ausfe'erts, ass weider

neischt ewe' Irtemer a Féler. (stramm) We'ni he'ert dat op a we'ni kritt dat eng Ke'er!?

Josy: Wann ech mech emol gutt iweggin hun.

Mamm: (Be's, stêt op a werft d'Zeidong op den Desch.) Wann dei Papp dir eng Bemîrkong mecht, da solls du net eso' frech eremântweren. Ech hun es ewèll genug mat dir! (Mamm of a klakt d'Dir fest zo'.)

Papp: Jo, d'Folge vun dengem Soff, vun dengem Dûrchnên mâchen sech scho bemîrklar. Kê Kont get richtig gefe'ert. D'Liweronge gi falsch ausgefo'ert oder net an dem Senn we' d'Bestèllonge vun de Konnen et erhêschen. Kre'e mir d'Wueren net erem, da sin et d'Rechnongen de' verweigert gin.

Josy: (zur Seit) Ech kre'e kèng erem, wèll ech brauch kèngem eng ze schecken.

Papp: Kê Kont stemmt. Eng Kontroll ass an dem Dûrchnên net me'glech!

Josy: (zur Seit) Mei Kont stemmt och ni. Wann ech d'Rechnong mam Wîrt mâchen, konstate'eren ech gewe'nlech en Defizit.

Papp: Mei ganze Büroapparat ass morsch. —

Josy: Mei ganze Portmonni ass Moschter. —

Papp: enèrgesch) Dat gêt net me' eso' virun; du hues et ewèll bis op dé Ponkt gedriwen wo' ech grendlech mat dir ofrechnen. All denge Fonktio'ne ges du enthuewen. Remedur get geschäft, an eso'bal we' me'glech. (Schèllt dem Garçon.)

Josy: (zur Seit:) Wann hien et we'sst, e kent seng Ried och opschreiwen an op mein Nuetsdesch léen; da krit hien den Hals net we' vum schwätzen an ech de Kapp net me' deck we' ech e schon hun.

Jean: (kent eran an der Livrée a stèllt sech stramm op.)

Papp: Jean, prepare'er mir direkt eng Kotelett an e Rumm. Löss den Auto gleich virfuren, an enger halwer Stonn muss ech fort.

Jean: (domm) Wellt den Hèr da kèng zwo' Koteletten, fir op all Bâck eng?

Papp: Topert, ech din se haut an de Bäck, an net drop.

Josy: (zur Seit) Net emmer.

Papp: Ech schwätzen elo vum léssen an net vun der Coiffür.

Jean: Ech verstin elo. An nach eng Ruem, wat fir eng Mòss soll et sin, Hèr, a wo' huelen ech se hir?

Josy: (zur Seit) Dén ass och net me' enichter.

Papp: (Ongedelleg) Ma Jean, gess du dann all Dag me' topeg! Et soll e Rumm si fir ze drenken, verstês d'et clo?

Jean: (wénkt jo) Et ass verstânen.

Josy: Breng mir e Schicks, Jan!

Jean: Eng aus dem Café doiwer.

Josy: Stertz do. Wanns de voll bass, da ge' lé dech op en O'er a schlof. (Jean of.)

Papp: Also we' gesot, deng Ofrechnung kent. (Papp of.)

Josy: (Strèckt sech) Datt ech dat Gedeisch aus den O'eren eraus hun. (Hält de Kapp un.) 'T gêt mir am Kapp ronderem we' e Millerad. (Stêt op, setzt seng Dunn schief op de Kapp a sét ganz irgerlech:) All Dag dén nämlechen Zirk. Dat Denge gêt mir scho lâng op de Mo, ech kann dat net me' mat unhe'eren. Schon e puer Mol hât ech de Päck gemâcht fir iwert de Pull. — An de' Ofrechnung de' dén Ale mat mir wellt halen. Elo get sech nach e we'neg Drot an d'Täsch gestach an da gêt et ab. (E wenkt mat der Hand.) Elei ass menges neischt me'. Lôsse mir emol kucken we' et gêt wann ech net me' hei sin a wien dann dém Ale seng Sue verseift.

I.

Josy: D'Schicksal dreiwit mech, ech muss goen
Fort vun allem wat ech gir;
D'Eltere sin et, de' mech joen,
Menger Le'ft sin s'an der Quîr.

Jo, dir hutt mein Drâm zerste'ert,
Dén ech an dem Hierz gedron;
Dach huet d'Hierz net opgehe'ert
Ste'ts voll Le'ft fir hat ze schlou.

Dir wollt mech zwar glecklech mâchen,
Dach dé Wonsch go'ï net erlellt;
Nê blo'ss dat ka glecklech mâchen,
Dat dem Hierz d'Verlânge stellt.

Duerfir muss ech iech verlössen.
Ob et schwe'er mir och fällt;
Fort muss ech d'ûrch ganz friem Strössen.
Als Veruechte gon an d'Welt.

Virgini, du hierzecht Kendchen,
Blo's we'nt dir ass alles dat;
Du hues mir mat ro's'gem Mendchen
Vun der Le'ft fir d'e'scht geschwat.

An der Friemd wöll ech vergiessen,
Wat ech hei jo nimols kann;
Virgini, du le'wen Hieschen,
Vleicht get alles besser dann.

O we' sche'n wor et dach démols
An der sonn'ger Kannerzeit;
Glecklech Zeit, o komm nach êmol.
Ower nê, si ass 'so' weit.

Duerfir Eddi allegueren,
Eddi alles wat mir le'w;
Fort an d'Welt, verlöss, verlueren
Muss ech goe we' en De'w.

(De Josy dre't sech e we'neg ronderem, bekuckt sech
alles a sét.) Äddy Elternhaus, äddy alles wat mir trei a
le'f war. Äddy op emmer. (Schreckt lues zur Dir aus.)

4. Optrett.

Lisy: (Kent zur Seitend'ir eran, huet de Mantel an den Hutt
ofgeluegt, setzt sech an e Klubsessel bei den Desch a
kuckt an enger Mo'denzeidong.) We' ass onse Papp eso'
wuertkarg an dé Misèr huet meng Mamm auszestoen
durech onse Josy. An dat alles wèll hien an dat Virginie
verle'ft ass bis iwert d'O'eren, an Dég an Nuechten an
dém Café verbrengt. Ech schwätzen emol en êscht Wuert

mat him, kucken op hien senger stârker Schwester, we' hien sech emmer ausdreckt, net follegt.

Ja, der Le'ft ka kên en Damm entge'nt sêzen, e get durchbrach. Ech muss et sêlwer agestoen. Onsen Assistent, den Hêr Oscar, 't ass wirklech e gudde Jong. Hien huet mir gefall vum e'schten Ableck un wo' e bei ons ass. Eso' nett, eso' e gudde Charakter — —

5. Optrett.

Papp: (Rêsfêrdeg, kent zur Dir eran.) Wo' ass deng Mamm, Lisy?

Lisy: Soll ech se ruffe goen?

Papp: Jo, ge'h gleich a kuck wo' de Josy ass. (Lisy of. De Papp spaze'ert op an of.) Ech kann net fort, dat ro'ht mir net bis ech d'Sâch an en anert Gleis bruecht hun. (entschloss) Et muss eng Wendong kommen.

6. Optrett.

Mamm: (Kent eran.) Du hues mech ruffe lôsst; ech duecht du wirs' schons fort. (D'Mamm setzt sech an e Klubsessel.)

Papp: Ech wâr och schon, ower dat ro'ht mir net. Ech hun den Entschloss gefâsst so'fort eng Ânnerong erbeizefe'eren, fir onser Aller Ennergang ze vermeiden. Durfir solls du he'ere wat ech welles hun. Dem Josy entze'en ech all Vollmacht an iwerdroen dem Comptabel, dem Hêr Robert, d'Geschäftsführong. Mein Assistent, den Hêr Oscar, bleiwt Fabrikatio'nschef. Ech dênken da wêrd en anere Gêscht an d'Haus kommen, an ech si secher, dass dat zo' onsem Josy senger Besserong beidre't.

Mamm: Jo, Charel, et muss do Remedur geschaff gin an ech si vollstândeg mat dir êneg. Réorganise'er et eso' we's du et fir gutt fens, a wat zum Virdêl an am Interesse vum Ople'he vun onser Fabrik ass. Ech stin dir zo' allem trei zur Seit.

Papp: Ech wêss et, Caroline, trotzdem solls du alles wessen, wêll ech wêss dass ech dat richtegt geroden hun, wanns

du mir net widersprechs. Vu muer un get de' Ännerong agefe'ert, a gleich kritt de Comptabel seng Urder. Ge'h emol kucken, Caroline, op alles zo' menger Ofrés berêt ass.

Mamm: (of.)

Papp: (schëllt dem Hèr Robert an hölt Plätz an engem Klubsessel.

Robert: (kent eran.)

7. Optrett.

Papp: Hèr Robert, ech hun iech eng wichteg Missio'n z'iwerdroen. Wèll ech ste'ts mat èren Dengschter zefridde war, iech als e vertrauensvolle Beamte gele'ert hu schätzen, well ech iech all Vollmachte vu mengem Geschäft iwegin. Scho vu muer un sèzen ech iech an èr nei Fonktio'n an.

Robert: Ech danken iech fir de' E'er, an ech wèrd weiderhin bestrieft sin durch Fleiss an Emsicht mein Dêl fir d'Opble'en vun der Fabrik beizedroen.

Papp: Ech kënnen èr Loyalte't an èren Eifer zur Arbecht. (De *Garçon* kent eran an iwerrêcht dem Patron op engem selwer Plateau eng Visitekârt.)

Ech sèzen all mei Vertrauen an iech. (Nodém hien d'Visitekârt gelies huet:) Entschelegt eng Minutt, Hèr Robert, ech gin drengend ofgeruff. Huelte iech Plätz.

(Papp a Jean of.)

Robert: Merci. (helt sech Plätz.) Elo ge'w d'Sâch sech scho besser schecken. D'Lisy bekuckt mech eso' schiel vun der Seit erbei, we' wann ech dé greisslechste Mensch vum Erdbuedem wir. (Helt de Spigel eraus a bekuckt sech.) Wann ech Médche wär, dé Jong do ge'w mir gefalen. Ower onsen Assistent huet dem Lisy de Kapp verdre't. Ech wèrd all Hiewel a Bewegong sèzen fir de' Sâch emzewerfen. Ech könnt jo net zo'lössen, dass dé mir verhâsste Mensch durch d'Bestiednes mam Lisy Associé oder spe'der Besetzer vun der Fabrik ge'f gin. Dat wèrd ech mat alle Mettelen ze verhidde wessen. Mir kent dat zo', a wehe dém, dén sech erkengt mir et ewèg ze botzen. De jongen Hèr Josy ass zwar gutt befrend mam Assistent,

ma wann ech d'Rudder emol an der Hand hun, gewonnen
ech d'Parti fir mech. (Stët op a sengt:)

II.

Robert: Sin ech emol um Rudder,
Da gi meng Wensch erfellt;
Meng Re't, ob schlecht, ob gudder,
De' stin da vir um Scheld.
Jo, Oskar, Assistèntchen,
Dann ass dei Spâss um Enn;
Da get hat mir seng Händchen,
Wanns du och beisst op d'Zänn.
O Lisy, du mein Engel,
Du ges da vill me' mell;
Trotz mengen Aussemängel
Be'gs du dech mengem Well.
Kê Mettel well ech scheien,
A wir et nach eso' gro'ss;
Ech wèrd mir d'Sâch scho reihen,
Ech sin iech all ze lo'ss.

(enèrgesch:) Dat, wat ech schons lâng mat mir em-
droen, muss zur Verwîrklechong kommen. — Ech schwî-
ren dass ech et errêchen a lössen et drop ukommen

8. Optrett.

Lisy: (kent eragestîrmt, werft sech an e Klubsessel, lét de
Kapp op den Desch a kreischt. Hält d'Nuesschnappech
virun d'Gesicht.)

Robert: Joffer, wat ass geschitt?

Lisy: Huet dat Ongleck misse kommen. No dèr Strofpriedegt
vu mengem Papp huet onse Josy sech opgehewen an ass
iort gâng, wuer, wëss kên. (schluchzt.)

Robert: (zur Seit) En ass vileicht eng kleng Spritzfahrt
mâchen.

Lisy: Hie sot zo' mir, Arvoir, le'f Schwesterchen, du geseis
mech net me'. An e'er ech dat Schrecklecht gefâsst hât,
war hie fort.

Robert: (zur Seit) Elo viru kurzem huet hien nach «Schön ist die Jugend» gesungen, da misst ech bal de «Libera» ustemmen.

Lisy: E Bre'f hun ech a senger Zemmer fond, wo' hie sét dass e fortgeng an net me' eremke'm.

Robert: (zur Seit) Wann et alt eso' wär, dann hätt ech besser Sâch. —

Lisy: De' Mòssnahm de' mei Papp ge'nt hien ergraff huet, kont hien net iwerdroen.

Robert: Tre'scht iech, Joffer. Lisy, vileicht bessert hien sech a kent erem als en ordentleche Mensch. (Matlédeg) Joffer Lisy, vertraut mir, ech mängen et gutt mat iech Dir huet mech démols versto'ss an dach trieden ech erem virun iech fir iech meng Le'ft ze widerhuelen.

Lisy: (opgerégt) Ech bieden iech, Hèr. Robert, mech mat èrer Liebeserklärong ze verscho'nen. Ech hun iech gur kèng Hoffnong gemat an och kèng Veranlassong durzo'gin.

Robert: Joffer Lisy, versto'sst mech net. Ert Bild gêt mir emmer no. Vertraut mir, dir sollt et ni bereien.

Lisy: Neischt dovun! Ech soen iech et rîcht eraus, fir dass dir iech kèng Hoffnong braucht ze mâchen. Mein Hierz gehe'ert engem aneren. An iwregens, ech denken nach net un d'Bestueden.

Robert: (fir sech) Ech wëss wien dorunner schold ass.

9. Optrett.

Papp: (kent eran, geseit d'Lisy net.) Also, Hèr Robert, dir könnt erem un èr Arbecht goen. Muer sèzen ech iech an èr Fonktio'nen an a mâchen et officiel bekannt.

Robert: (verneipt sech. Bekuckt d'Lisy nach. Of.)

Papp: (Helt plötzlech d'Lisy an uecht.) A wat ass matt dir lass?

Lisy: (Huet d'Nuesschnappech virum Gesîcht a schluchzt. Iwerdém kent d'Mamm eran.)

10. Optrett.

Mamm: (bleift erschreckt an der Dir stoen.) Wat ass dann mat dir lass, Lisy? (opgerégt) Ass èppes geschitt?

Lisy: (kreischt) De Josy ass fort. Ni me' betrett hien onst Haus. Dé Bre'f hei hun ech a senger Zemmer fond. (Lét de Bre'f op den Desch, de Papp helt en.)

Mamm: Wat, Lisy, ass de Josy fort, — — — an d'Friemd, — — an hie kent net me' erem, dat ass zevill. (D'Mamm huet ganz traureg an opgerégt geschwat, dêt e Krêsch a fällt schwâch, sie fällt an e Klubsessel. Papp a Lisy sprangen op, der Mamm zur Helef.)

Lisy: (riff) O Mamm!

Papp: Hurteg e besche Wein, Lisy! (De Papp pâckt d'Mamm un.)

Lisy: (Helt hurteg éng Fläsch Wein a get der Mamm aus engem Glas ze drenken.)

Mamm: (Kent erem lues zo' sech a sét) Mir hätten — dat net solle — mat onsem Josy mâchen. — Mir hätte solle sichen — hien durch gutt Wierder — dovun ofzebrenge.

Papp: (huet d'Mamm goe lôsst.)

Lisy: (Get der Mamm ze drenken.)

Papp: We' oft hues du an ech him gutt Wierder gin, et war emsoss. Et wor jo onst Kand, et dêt mir sëlwer léd, mä dén e'wege Misèr mat dém Jong.

Mamm: Ge'f Gott, dass hien eremkent!

Lisy: (Bleiw't niewend der Mamm stoen.)

Papp: Lôsse mir ons an d'Schicksal fügen. We' hien als en ongerodene Sôn sengen Eltern de' Peng net wollt erspuren, konnt hien dat Mettel sichen, fir ons virun dem direkten Ofgrond ze retten. Wann hien nach ze retten ass, ech hu Vertrauen an onser Herrgott, hie wèrd ons en ên Dag als gebesserte Mensch zo'fe'eren.

Mamm: Dat ge'w ech vun Hèrze wenschen. Komm Lisy, du onst nach ênzegt Kand! (D'Lisy stëllt sech bei d'Mamm an emèrbelt se.) Du bass onsen Tro'scht. —

Virhang.



II. AKT.

1. Optrett.

Oscar: (Kent vu rechts era spaze'ert; en Flutt op an e Rés-bèngel an der Hand.) Ech si scho 6 Joer als Assistent an den Dengschte vun der Famillge Charlé. (Setzt sech op d'Bänk lenks beim Desch.) All meng Kräften a Kenntnissen hun ech dru gewandt, fir de Betrib ze réorganise'eren an ze modernise'eren. Ech hu bis heihin mat Fréden an dém Haus geschafft, wèll ech wor an der Famillge we' dohém. Am Fong eng hèrzensgutt Famillgen. Alles ging gutt, zevill gutt, wann hire Josy sengen Eltern net eso'vill Kommer berét hätt. En ass elo fort, vleicht bessert hien sech. Och ech gi fort, geschäftshalber. Ech ka mei Brudder an der Friemd net elèng lóssen; ech soll him an enger gro'sser Entreprise beistoen. Kann also net zreckstoen. Dat fällt mengem Patron nun duebel schwe'er, ower et muss sin. Dem Hèr Robert kent dat geléen, ewèll ech hu schons lèng kê Vertraue me' an ons nei Geschäftsfe'hrong, ewèll et schengt mir, we' wann et net mat richtigen Denger zo'ging. We' d'Lisy mir schon ze verstoen huet gin, soll hien e gutt A op hatt hun, an him och schons seng Le'ft erklärt hun. Hien dènt sech schon als zo'kenftegen Edem an Associé vum Hèr Charlé. Ower ech well net liewen, wann dat soli zo' Stand kommen; mei Liewe sètzen ech an d'Spill.

Ech hun d'Lisy am Fong vum Hèrz gèr, ower we' ass et mat him. Ech fannen net de Courag, fir him meng Le'ft ze offenbaren. Hatt als Duechter vum Patron an ech als einfachen Energestèllte bei hinnen. Derzo', wann hatt mech gèr huet, da spillt dat kèng Roll. Ech muss et nach

spriéchen, e'er ech ofrésen. Verste'sst et mech, meng Le'ft
ass ze gro'ss, mei Gleck ass dann hin, ên aner soll dann
och net glecklech mat him gin, dat schwîren ech.

III.

Oskar: Hei wöll ech den Zo'fall erwarden,
Hei ener de schiedeche Bém;
Hei muss et sech haut nach entschéden
Ob mech net bedrun hu meng Drêm.

Meng Le'wt, de' muss ech him gestoen,
Nach ir ech ka goe vun hei;
Nach êmol him kucken an d'Aen,
Fir e'weg him schwiere meng Trei.

Mat biede stell well ech da warden
Wat durob sei Mendche mir sét,
Ob hat mir da fro' rêcht seng Händchen
A pöspernd sei «Jowuert» mir get.

A soll mir dat Gleck net gegonnt sin,
Da bied'n ech mat trauregem Hierz,
Em dierfen ze kesse seng Händchen,
A fort ze'en ech dann voller Schmierz.

O Lisy, du hierzechen Engel.
O ge'we meng Drêm dach erfellt;
Ech me'ch dech vun allen dat Glecklechst,
Ech wir zo' allem gewellt.

(Et he'ert ê schwätzen hannert der Bühn. Den Oscar
stët op a kuckt doremer.) 't ass mer we' wann ech der
he'eren hätt schwätzen. (E kuckt no rechts.) Do kommen
der. (E licht sech a kuckt nach besser.) Onse Patron an
de Gérant. Ech meiden d'Gé'genwârt vun dém mir ver-
hâsste Robert. Ech ze'e mech zreck bis s'eriwer sin.
(Stëllt sech lenks hannert eng Kuliss.)

2. Optrett.

(Patron a Robert komme vu rechts eran. Se hun allebe'd
den Hutt op an e Résbèngel.)

Patron: Gutt, Hèr Robert, wann dir mèngt d'Bankkurse ge'we falen, eso' gin ech mat Vertrauen op èr Spekulation an.

Robert: Sit ganz o'ni Suergen, ech sètzen de' Zomm we' gesot em, an dir wèrd gesin, dass ech dat richtig getrafft hun. De Moment ass do, mir müssen handeln.

Patron: (iwert dem Ofgoen no lenks) Dir hutt d'Vollmacht a meng Awellegong durzo'. Besuergt dat ne'degt eso'bal we' me'gelech. (Allebe'd of.)

Oscar: (tret erem ervir.) Wat huet dé welles? Mam Geld vum Hèr Charlé ze spekulieren. Wat soll ech dorausser schlussfolgeren — — — — (bedenkt sech e beschen a sét:) We' dém och ass, ech sin op menger Hutt a stèlle mei Mann. (Mecht e Fanger no lenks.) Ower d'Lisy le'sst du mir mat Ro'. Hatt kent oft heihi spazeieren, hätt ech dat Glect hatt hei ze treffen. Soll et kommen? (Oscar kuckt no rechts.) We', kann ech mengen Aen trauen, do kent jo d'Lisy. (En zit sech e we'neg no lenks a gèt op d'Lisy dur, wann et era kent.)

3. Optrett.

Oscar: Bonjour, Joffer Lisy! (Dèt den Hutt of a get him d'Hand.)

Lisy: Bonjour, Hèr Oscar!

Oscar: An ech treffen iech hei?

Lisy: Ech mâche gewe'nlech all Nometteg e Spaze'ergank bis heihin. Et ass wirklech e Genoss a Gottes freier Natur ze sin, wann d'Vigelcher peifen an d'Bém geheimnesvoll rauschen. Da setzen ech gewe'nlech do op déer Bänk a lauschteren dém geheimnesvollen Naturzwigespre'ch no. Löße mir ons e we'neg do op de' Bänk niderlößen, Hèr Oscar, wann dir Zeit hutt.

Oscar: O, Joffer Lisy, fir iech hun ech emmer Zeit (se setzen sech) Zemol haut, wèll et fir d'lèscht ass.

Lisy: Maja, Papp a Mamm hu mir schon matgedélt, dir gengt ons bal verlößen. Ech wor dé Moment net dohém, we' dir do ward. Et dèt mengem Papp wirklech léd, eng

gutt Krâft ze verle'ren. We'ni well dir ons da verlössen,
(bekuckt den Oscar traureg) a we'ni komm dir erem?

Oscar: An den e'schten Dég gin ech fort. Ech muss nach
dat ne'degt zo' menger Ofrés prépare'ren. An ech denken
och net allzelâng ewèg ze bleiwen. Trotzdem, ech kann
et nach net virausgesin. — Et fällt mir schwe'er, vun hei
ze schéden, wo' et mir ste'ts eso' gutt gefall huet a wo'
ech mech och emmer heimesch gefillt hun. — Ower èppes
fällt mir besonnesch schwe'er — — (eng kleng Paus, e
bekuckt d'Lisy an d'Aen.)

Lisy: Schwätzt, Hèr Oscar, schwätzt!

Oscar: Dir mâcht mir Mutt, Joffer Lisy; 't ass de' lèschte
Ke'er, wo' ech Gelégenhêt hun, iech viru menger Ofrés
ze treffen, an do well ech och weider kên Hêl aus menger
Le'ft zo' iech mâchen a gestin iech an, ech hun iech gèr.
(Eng kleng Paus. D'Lisy kuckt, a Gedanke versonken,
emmer op eng Plâtz.) Dir get mir kèng Äntwert. — Vun
e'schten Ableck un, wo' ech d'E'her hat, an èrem Haus
ze verke'eren, wor e Wonsch a mir gereift. Traureg, de'f
traureg schéden ech. Dach ech betruachten et als eng
Pflicht, ech muss. Schwe'ren Hèrzens verlössen ech alles
wat mir trei a le'f wor: dach én Tro'scht hätt ech, wann
ech we'sst, dass meng Le'ft Widderhall ge'f fanne bei
dém, dat ech gèr hun. — An dén Tro'scht ge'f mech
stârk mâchen, wann ech emol traureg douewen a menger
Verbannong sollt sin. — Joffer Lisy, darf ech hoffen — —

IV.

Duette.

Oscar: Wat stell ech am Hierz lâng gedroen,
Dat drängt sech nu mächtig ervir;
Joffer Lisy, ech muss iech geston.
Dass ech iech vun Hirzen hu gir.

Lisy: Wat stell ech am Hierz lâng gedroen,
Dat drängt sech nu mächtig ervir;
Hèr Oscar, ech muss iech gestoen,
Dass ech iech scho lâng och hu gir.

Oscar & O Lisy, (Oscar) we' glectlech sin ech nun.

Lisy: Dass du mir deng Le'wt agestês:
Dass ech nun dein Hierz, dass ech deech hun,
Dass ste'ts zur Seit ech dech wêss.

Oscar: O Lisy, mei Kendchen,
Dei ro's'ge Mendchen,
Komm, lôss mech e kessen,
Komm, lôss mech e beschen
Un d'Hierz dech och drecken.

Lisy: Hei stell o'ni Bângen
Dein Hierzens Verlângen.
Ech hun dech jo giren,
Ech well neischt verwiren
Wat dech ka beglecken.

Oscar & O we' frêdeg ass et liewen

Lisy: Wann ên dat wat d'Hierz mat
Bâng verlângt, emèrbelt huet.

Oscar Dach we' schwe'er fällt dann d'Schéden.
Dat ê reisst vun alle Fréden.
De' ê kaum emèrbelt huet.

Lisy: (wénkt jo a bekuckt den Oscar.)

Oscar: Dei Bleck sét mir genug. E klängt Wiertchen aus
dengem Monn an ech schätze mech glectlech. —

Lisy: Jo, Oscar, ech hun dech gèr. Dei Wonsch ass mei
Wonsch. Ower, ech fèrten, et drot ons Onhêl; ech hun
eso' eng Ahnong.

Oscar: Onhêl, sief stârk, Lisy, vertrau op mech, dann hues
de op Fiels gebaut. Bleiw mir trei, a mir kenne mat Zo'-
versicht an d'Zo'konft kucken.

Lisy: Dat verspriechen ech dir. (Se gin sech d'Hänn.) An
ech erwarden dat nâmlecht vun dir.

Oscar: Sief o'ni Suergen.

Lisy: An elo muss ech fort. (Se stin op.) Arvoir!

Oscar: Arvoir. !Gin sech d'Hänn an eng Bés.)

Lisy: Komm geschwen erem bei dei Lisy. (rechts of.)

Oscar: (Kuckt dem Lisy nach eng Weilchen no a wénkt mam
Nuesschnappg.) O we' glectlech sin ech. Vun Onhêl

schwätzt d'Lisy mir. Hm, wo'hir? (Eng klèng Paus a sèt entschlossen:) Ech si gefâsst, wo'hir et komme soll. Wann d'Lisy nemme Wuert hält an trei bleift. — — Ja, ech muss u meng Ofrés denken. (Den Oscar welt lenks of an dém Ableck wo' de Robert vu lenks erakent. Oscar tret erschrèckt zreck.)

4. Optrett.

Robert: (kent vu lenks eran.) O'h, dir erschrèckt, Hèr Assistent; 't mèngt ê bal dir hätt èrt Gewessen net frei, oder 't ge'f ê bal mèngén dir ge'ft d'Leit am hëllen Do fèrten. (lâcht.)

Oscar: Am allerwe'negsten iech. Ech sin einfach a menge Gedanken opgeschrèckt gin.

Robert: An ère Gedanken un d'Lisy?

Oscar: Dir musst vill Uleies um Lisy hun.

Robert: Ech duecht vleicht, wèll dir ons verlösse git, dat ge'f iech schwe'er falen den Abschied bei der Familge Charlé, a speziel beim Lisy.

Oscar: Wat ste'ert dat iech! Ech mâchen an ech lösse wat ech well, o'ni iech Rechenschâft ze stoen.

Robert: Et muss iech dach Léd doen, fortzegoen an d'Lisy elèng ze wessen. Fèrt dir net et kent ên iech et ewègbotzen?

Oscar: Am allerwe'negsten dir. Wat soll dat alles hêschen?

Robert: (rosen) Dass kên aner mir d'Lisy ewègschnappt, durop kenn dir Geft huelen, Hèr Assistent!

Oscar: An ech sti mei Mann zo' aller Stonn! (stramm) Nic kent et durzo'!

Robert: (stramm) Ech schwieren iech, dass dir iech de' Ke'er gewalteg geïrt hutt.

Oscar: Wat soll ech mech hei mat iech erembalegen. Versicht èrt Gleck; ech mâche meint, an dir kennt es secher sin dass dir de Kîrzten derbei zitt, mîrkt iech dat. An elo hun ech meng kostbar Zeit genug mat iech verseimt — —

Robert: Et huet jo kên iech opgehalen —

Oscar: (Iwert dem Fortgoen no lenks.) Vleicht bege'ne mir ons spe'der nach, kucke wien dann de Lacke'erten ass. (of)

Robert: Du bass lacke'ert genug. Arme Jong, deng Macht ass gleich null. Wann ech dén Alen am Sâck hun, ass d'Frabik meng an d'Lisy get et och, gèr oder net. An dann, Assistent (lâcht), bass du dèrmösse lacke'ert, dass du fro' wirs wann et net eso' blénke ge'f, dass et net all Mensch eso' an d'Ae ge'f stiechen. (fir sech:) Nemmen zo', net gebângt, (lâcht) «wir werden das Schwein schon töten» (rechts of).

5. Optrett.

(2 Braconniée komme vu lenks era lâchen.)

1. *Braconnié:* Wor dat net köstlech we' de' zwe' sech bal zerbatscht haten we'nt dem Hèr Charlé sengem Lisy.

2. *Braconnié:* Eso'lâng we' si sech zerbalegen, hu mir gutt Zeit ze braconne'eren. Den Hèr Charlé, an dém Troublement doiwer, gêt bal net me' op d'Juegd. Lôss du si sech mat den Häls huelen, mir huelen d'Huese mat den Häls.

1. *Brac.:* Komm, mir setzen ons emol e we'neg. — Wat mènchs du dann iwerhâpt vun déer Freierei. Dat âremt Médche wêss jo net den Duebelen ze wielen. Allebe'd wellen s'et hun, an 't kann dach nemmen ên et kre'en —

2. *Brac.:* Ausgemâchter Sâch och kên.

1. *Brac.:* Wié mènchst du, soll et wuel sin?

2. *Brac.:* Ech ge'f et jo och alt huelen, wann —

1. *Brac.:* (enerbrecht) Nê so, dat muss héchst interessant gin fir ze gesi we' dé Kampf èndegt — —

2. *Brac.:* Hoffentlech zo' onsem Virdél.

1. *Brac.:* Wann ech nach wesst wat de Comptabel domat wellt mènchen, wann hien dén Alen emol am Sâck huet?

2. *Brac.:* Maja, dat ass mir och opgefall. So, wêss du wat ech doraus schlussfolgern! Hien hält de Sâck op a le'sst den Delpes sech dra verlafen. — —

1. *Brac.:* Ma lôsse mir Lo'sen ze'en; dann huele mir un et géng eso' aus we' d'Lo'se falen.

2. *Brac.*: Dat ass och neischt. Lösse mir se le'wer selwer gewërde lössen, da gi mir och me' gewërde lösst.
1. *Brac.*: Da wär et jo schle'sslech besser, wa mir èppes erfenten fir d'Sâch nach e we'neg me' ze re'eren, dat hêscht, fir dass dé Skandal me' lâng ge'f unhalen, eso'lâng kennte mir onst Handwîrk ongeste'ert ausfe'eren.
2. *Brac.*: (stêt op) Iwerhapt, vun dém Geschwätz hu mir neischt, lösse mir nô onsen Hiesercher kucke goen.
1. *Brac.*: «Handwerk hat einen goldenen Boden». Lösse mir emol kucke goen, ob nach kên sech erhângen huet.

D'Bracomîéen:

Ei, hei an do mol Hueseflêsch,
 Dat kann ons dach neischt schueden.
 Et ass net richteck we' et hêscht:
 Se fânke wir verbueden.
 Se lafen do net grad elèng
 De Reichen zo' Plese'er.
 Den Herrgott scho'f s'och fir de' Klèng.
 We' iwerhâpt all De'er.
 Mé blo'ss dat hei dat ass de Witz
 Op dé mir musse lau'ren:
 Gutt opgepasst wanns d'ê stibitz,
 Soss get den Hues e sau'ren.
 Mé ons zwê sin se all ze lues,
 Nach kên huet ons gefângen.
 An dach hu mir scho munchen Hues
 Mat «schwe'rem Hierz» erhângen.

1. *Brac.*: Gèldu Pittchen

2. *Brac.*: Jo, gèld Dittchen

Zesummen: Mir zwe'n, ech an du,

Mir zwe'n hânken,

Mir zwe' fânken

D'Hieserchen am Na.

1. *Brac.*: Gèldu Pittchen

2. *Brac.*: Jo, gèld Dittchen

Zesummen: Dat ass dach e Sport,

D'Huesen hânken,

Hémlech fânken,

An dann hurtech fort.

Virhang.



III. AKT.

1. Optrett.

(D'Mamm setzt am Klubsessel beim Desch; stréckt oder hékelt.)

Mamm: A wo' kont all dat Kreiz iwer ons kommen. De Josy, en ongrued Kand, ass net me' fir ons. — De Bankrott stêt virun der Dir. De Geschäftsführer, an dé mei Mann eso'vill Vertrauen hat, huet durch eng onglecklech Spekulatio'n ons dem onmettelbaren Ofgrond entge'nt gefe'ert. Mei Mann ass ewe' kê Mensch. Den Hèr Robert wölt sei Fehler erem gutt mâchen, an ons 1 Milio'n virstrécken. Eng reich Irwschâft huet hie gemat, ower e'schtens d'Fabrik muss dem Hèr Robert verschriwe gin, bis mir him sei Geld können eremgin, an zwétens eng aner schwe'er Conditio'n, de' speziell onst Lisy betrifft. Dat âremt Kand muss sech opferen, hatt muss den Hèr Robert bestueden fir ons ze rètten. An ech wèss, dass seng Le'ft engem anere gehe'ert.

2. Optrett.

Lisy: (kent eran, d'Nuesschnappech virum Gesîcht a kreischt. Setzt sech niewent d'Mamm.) O Mamm, huet och dat Ongleck missen iwer ons kommen. Ech soll dé greissleche Robert bestueden, dé mer eso' widerstêt Dén èllene Mo'd huet et dach nemmen drop ofgesin fir Hèr a Mèschter ze gin.

Mamm: Schwätz net eso', Lisy; 't ass jo zwar sei Fehler, ower wie kann schlisslech fir èppes wat schif gêt. Dei Papp wor jo d'accord mat him.

Lisy: Ech wêss net, wo' hie sech dém ékleche Kèrel kont uvertrauen.

Mamm: Ma Lisy, den Hèr Robert war jo ste'ts en dengschteifrege Mann, dén seng Pflicht ste'ts erfellt huet.

Lisy: Pflicht! Wor dat hei seng Pflicht! A wann hie sei Fehler wölt gutt mâchen, wurfir da grad de' Conditio'n, dass ech hie muss bestueden. Pfui Deiwel!

3. Optrett.

Papp: (kent eran, ganz geschloen, gêt ganz nervös óp an of.) We' ass et Lisy, hues de dech beduecht, hels de den Hèr Robert — — oder wölls du das mir scho muer bau-sent der Dir dohém sin.

Lisy: Meng Le'ft gehe'ert engem aneren.

Papp: (*énèrgesch*) Schlo der dat aus dem Kapp. Du wêss a wat fir ènger Situatio'n dass mir stin. Kanns du dann nach zo'lössen dass mir hei eraus verdriwe gin ewe' en De'f, ewe' dé grésste Verbriecher vun der Welt. Kanns du zo'lössen, dass mir ê gudden Dag hêsche gin durch deng Schold! Wie wêss op mir iwerhapt nach émol an de Besetz vun der Fabrik kommen, wann se emol an aner Hänn ass.

Lisy: Wurfir da grad, dass ech den Hèr Robert muss bestueden. Wann hie sei Fehler wölt gutt mâchen, wurfir dann net o'ni mech.

Papp: Ech wêss dat jo, mei Kand, ower, o'ni dech gléft hien net drun. Also du muss dech entschle'ssen, dei Jowuert ze gin. Den Hèr Robert wèrd elo gleich kommen fir d'Sâch an d'Rei ze mâchen.

Lisy: Ech soll mech opferen. De' Trei, de' ech dem Oscar geschwur hun, muss ech briechen. Et sief dann, wann hien d'Verhältnisse gewur get, wo'durch dass ech gèzwonge si gin duran anzewellegen, sin ech secher, dass hie mir kèng Schold get. — — —

Ower dat soen ech iech, wann dat onse materiellen Ofgrond soll retten, 't ass ower mein égenen Ofgrond. Ni kann ech Le'ft zo' dém Mensch kre'en. (traureg) Abé Papp, wann dat dei Well ass, ech si berêt dat Opfer ze brengen.

4. Optrett.

Jean a Robert: (kommen eran. Jean vir. Robert hannendrun, am Frack an an der Dunn. Dèt d'Dunn of a get dem Hèr Charlé d'Hand.)

Jean: (of.)

Robert: Also we' ofgemat, ech si kom fir d'Sâch ze regle'ren. Ech hu jo dé Féhler begângen, mä ech geng e gutt mâchen dodûrch also, dass ech iech 1 Millio'n virstrêcken mat dèr iech bekannter Conditio'n, an ech si kom fir d'Jowuert ze huelen.

Lisy: Hèr Robert, könn Dir et dann net dunn o'ni mech.

Robert: O, Joffer Lisy, Dir hutt mech schon démols versto'ss, mä nach haut droen ech dé sèlwegte Gedanke mat mir em a kann nuren dat erneieren, wat ech iech schon démols uvertraut hun.

Lisy: Ech soen iech rîcht eraus, ech hun iech net gir a gin och net glectlech mat iech.

Papp: (werft dem Lisy e be'se Bleck zo' a wénkt him.)

Robert: Abbé, Joffer Lisy, wann Dir emol eng klèng Zeitchem mat mir bestued sit — — —

Lisy: (zur Seit) lafen ech fort.

Robert: An dir le'ert mech emol richtig kènnen, ech si secher, dass dir dann anescht schwätzt ewe' haut. Dir fand scho Vertrauen zo' mir.

Papp: (zum Lisy) E!o gêt et dur mat denger Interpellatio'n. So dem Hèr Robert dass de d'acord bass, dass d'Sâch da gleich an d'Rei kent.

Lisy: (traureg) Ech si berêt —

Robert: (Helt dem Lisy seng Hand) Ech danken Iech, Joffer Lisy, vertraut mir, dir sollt et net gefélt hun. (D'Lisy kuckt zur Seit; de Robert le'sst seng Hand goen.)

Papp: An elo, Hèr Robert, mâche mir d'Sâch an d'Rei.

Robert: Schreiw mir vir de Momènt e Scholdschein, wa mir dann derno bei den Notär gin, get d'Sâch définitif festgeluegt.

Papp: (hölt Tenten a schreiw.)

Lisy: (hölt d'Nuesschnappech, dre't sech em a kreischt.)

Papp: Den Hèr Oscar — — dir erem hei — —eso' stenterlech!

Oscar: Dir sitt all verwonnert, dass ech eso' stenterlech hei sin. An dat betrifft alles iech.

Mamm a Papp: (verwonnert) Ons?

Lisy: (dre't sech em a bekuckt den Oscar.)

Oscar: Mei plötzlecht Optauchen hei ass nemme we'nt iech. Ech sin dûrch e Collég gewuer gin, a wat fir eng Situatjo'n dir gerode sit. Dén nãmlechen, dé wêss, dass ech mech fir èrt Haus interèsse'eren, huet mir an engem Bre'f matgedêlt, wat fir-e Skandal ge'nt iech begângen ass gin.

Papp: Hèr Oscar, ech verstin iech net, we' mêng dir dat? Huelt iech Plätz. (Se setzen sech.)

Oscar: Mä dass ère Geschäftsführer iech hannergângen huet, Dass et viraus ze gesi wor dass d'Werter genge falen, dass hie fir sech mat èrem Geld spekulèrt huet, durfir ass hien elo eso' deck vun èrem gestuelene Geld. Sein ênzegen Zweck dobei wor, d'Lisy ze bestueden a Besetzer vun der Fabrik ze gin.

Papp: Ech kann dat alles net fâssen. Ass dat do me'gelech.

Oscar: Zit e Bre'f aus der Täsche) Heit, Hèr Charlé, iwerzegt iech sëlwer. De Beweis ass doran enthalen.

Papp: (liest de Bre'f a sét) Den Hèr Robert, dém ech eso'vill getraut hun, ass ewèll a mengen Aen e Schuffit, e Schwindler, dén net weider verdengt ewe' an de Prisong gestach ze gin. (Stecht de Bre'f an d'Täsch.)

Mamm: Ass dat alles me'glech?

Papp: O we' danken ech iech, Hèr Oskar! (Get him d'Hand) O'ni iech wære mir all zo' Grund gângen. An dat Geld wat hie mir virgestrèckt huet, eng Millio'n, (hölt d'Geld eran) dat wär jo dann vu rechtswegen mei Geld?

Oscar: Könn dir ganz ro'eg hinhuelen.

Papp: An du Lisy, 'bass allem Léd enthuewen.

Lisy: (werft sech dem Papp em den Hals.) O Papp —
gudde Papp —

Papp: (zum Oscar) Ech wëss net wat ech iech zo' Dank verpflichtet sin.

Oscar: E Wonsch hätt ech nemmen. — — Meng Le'ft zum Lisy — — —

Papp: Ech verstin, seng Mamm an ech sin es vollstänneg d'accord; an du Lisy? — —

Lisy: Ech hu meng Trei zum Oscar ste'ts bewahrt. Ech hun zo' onsem Hèrgott gebied, hie soll dat schrecklecht vun ons ofwenden. En huet mei Gebiet erhe'ert.

Oscar: (emèrbelt d'Lisy.)

Papp: (be's) Dé Schufft vu Robert wèrd gleich kommen, fir bei den Hèr ze goen. Mä anstatt duer, wandert hien an de Prisong.

Jean: (kent eran a présente'ert dem Hèr Charlé op engem sölwerne Plateau eng Visitekârt.)

Papp: Den Hèr Robert. (zum Garçon) A 5 Minuten.

Jean: (of.)

Oscar: Ech ze'e mech zreck, hie soll net wessen dass ech mat am Spill sin.

Papp: Kommt hir an d'Kummer, do ass den Telephon, a lösst gleich d'Polizei kommen. —

Oscar: (of no rechts.)

Mamm a Lisy: (setzen sech.)

6. Optrett.

(Papp spaze'ert nervös op an of.)

Jean: (Kent zur mettelster Dir eran, hannendrun den Hèr Robert.)

Robert: (tret ervir.)

Jean: (of.)

Robert: Hei wär ech daun. (Kuckt verwonnert.) Ass nach net alles berêt?

Papp: Berêt, fir iech gleich virun d'Dir ze werfen. E Schufft sit dir, dé gre'sste Spetzbo'f, dém ech jé enert d'Hänn gefall sin.

Robert: (be's, frèch) Dir schéngt net me' bei Sennen ze sin.
Wat ass geschitt?

Papp: Wat geschitt ass, wesst dir zevill gutt. Mech hanner-
gângen hutt dir. Dat Geld, èr angeblech Ierwschaft, ass
mei Geld, dat dir mir gestuel hutt. (fest) An de Prisong
lôssen ech iech fe'eren.

Robert: (Pâckt de Papp beim Hals) Dir mech an de Prisong
fe'ere lôssen.

Mamm a Lisy: (jeitzen, sprangen op dem Papp zo' Hellef.)

Robert: (reselt de Papp dichteg hin an hir.)

Papp: (wiert sech) A so', dir vergreift iech och nach u
menger Perso'n.

7. Optrett.

Oscar: (kent aus dem Niewenzemmer eragestîrmt a pâckt
de Robert beim Colli a rappt e lass.) Da wârt, du Schufft,
wanns du nach eso' weît gês, da kriss du och mat mir
ze dun. (Reselt de Robert giédlech hin an hir.)

Robert: A du bass déje'negen dé mech erageluegt huet, da
wârt! (Wôlt de Robert pâcken a facht em sech.)

Oscar: A so', da bass d'elo geschwen dobaussen. (Wénkt
dem Papp d'Dir opzemâchen.)

Papp: (Mecht d'Dir op.)

Mamm a Lisy: (jeitzen, lafen hin an hir. E fôrmlechen
Dûrchernên.)

Robert: (wîrt sech) Eso' se'er sche'ssen d'Preisen ower net.

Oscar: (kritt de Robert gutt ze pâcken a werft hie mam
Kapp vir zur Dir aus.)

8. Optrett.

(2 Poliziste kommen zur Dir eran.)

Robert: (flitt engem Polizist op d'Broscht. De Robert schle't
nach emmer em sech an hét dem Polizist de Schakko vum
Kapp.)

Polizist: (Hält de Robert fest; hôlt sei Schakko erem.) Wat
gêt hei vir!?

Robert: Dir hutt et jo gespuert. Sie werfe mech mir neischt dir neischt hei eraus.

Papp: O'ni all Ursâch huet hie sech u mir vergraff.

Robert: O'ni all Ursâch sin ech Schufft a Spetzbo'f titule'ert gin.

Papp: 'T ass bei weitem net den Ausdrock dé fir iech passt. — Hèr Kommissär, e schändleche Skandal hu mir opgedèckt, dén dén do (weist op de Robert) sech zo' Schelde kommen huet lósst.

Robert: Neischt ass wo'er! —

Papp: Huelt hie mat, sei Verbriechen ass ze gro'ss, ech gin so'fort bei de Staatsanwalt.

Kommissär: Gutt, Hèr Charlé. (zum Robert, dén se fesselen) Ab!

Robert: (rosen) Dat solls du be'sen, mir fannen ons nach.
(Mecht eng Fauscht an der Dir.)
(Kommissär, Robert a Polizist of.)

9. Optrett.

Papp: (ermidd, setzt sech an e Clubsessel.) O we' danken ech iech, Hèr Oscar. O'ni iech hätt dé Gauner mech ganz emgângen an hätt et och eso' weit bruecht, dass ech schle'sslech neischt me' ze soe gehât hätt. De' Schanddot muss strengstens bestroft gin, an durfir wèrd ech mech schon beim Procureur verwènden.

Nach émol, Hèr Oscar (get him d'Hand) mein herzlichsten Dank, an als Unerkènnong sit dir vun haut un mein Associé.

Oscar: Ech danken iech, mä ech hun et als meng Pflicht betruecht, we' ech dat schrecklecht he'eren hun, iech ze warnen. An, wat mech am méschten durzo' bewegt huet, wor meng Le'ft un d'Lisy (get him d'Hand), wèll mir zwê sin êneg.

Papp: Le'f Kanner, Papp a Mamm sin och mat iech êneg an dir hutt onst Jowuert. Wa mir ons e we'neg vun onsem Schrèck erholl hun, besprieche mir dat Nähert.

10. Optrett.

(E Fatzbeidel ass lues an der Dir erschengen; et ass de Josy; all kucken op d'Dir. E sengt.)

V.

Josy: Le'w Hémecht, o Flëckchen, wo'ob ech gebueren,
(am Park) Ech hun dech erem, ech hât dech verlueren,
(sengt A lôss mech bei dir, vir scho blo's e bessen
hanert d'Erennerong gene'ssen, deng Stèng well ech kessen.
der Bühn) Hei enert de Streisen, hei enert de Bémen
Oft lo'g ech vu ro's'ger Zo'konft ze drémen.
Verdierferlecht Schicksal huet alles zersté'ert,
Dem Ofgrond entge'nt emmer me' mech gefe'ert.

(kent me' no) Alles ass nach grad we' démols,

(sengt We' ech fort vun hei si gâng;
me' fest) Wo' ech eng sche'n Zeit verbruecht hun,
Fro' u Mamm a Papp gehâng.

(kuckt zur Salons-Dir eran)

Papp a Mamm sin nach we' emmer,
D'Lisy ass dat nämlecht nach;
Och den Oscar, dé mei Frend wor,
Huet nach ste'ts de fre're Glach.

(traureg) Ech elèng, ech si change'ert,
Dass kê Mensch wëss wien ech sin;
Huet Erbârmén mat mir Armen,
Lôsst mech ère Jong nês sin!

Papp: Wat sicht dir hei a wie sit dir?

Josy: Papp, Mamm!

Papp: Wat gêt iech un. Sot gleich wat dir wöllt, oder ech
lôssen iech aus mengem Haus fe'eren! (Papp ass op-
gestânen.)

Josy: Huelt mech erem op, ech sin èrt Kand, ère Josy.

Papp: Ech kënnen iech net.

Josy: Versto'sst mech net, ech hu mech gebessert.

Mamm: Charel, — — onse Josy — huel hien erem op.

Lisy: Jo, Papp, hien ass jo en anere gin, hien huet sech gebessert.

Papp: Bass du et, Josy? (gêt op hien dur, bekuckt en e we'neg.) O Josy, mei Jong! (emèrbelen sech.)

Josy: Verzeit mir, Papp, Mamm, meng Fehler, ech sichen erem alles gutt ze mâchen, a versprieche iech net me' an de' âl Fehler zreckzefalen. Ech wöll fortan en ordentliche Mensch sin, dass dir iech net me' iwer mech ze bekloen hutt.

Papp: Dir ass verzie, Josy, komm — —

Mamm: (Gêt op de Josy dur an emèrbelt en.) O du mei le'we Josy, dass du erem bei ons bass.

Josy: Le'f Mamm.

Lisy: (Get dem Josy d'Hand; emèrbelen sech.) Komm, le'we Bridderchen, bei deng stârk Schwester — an hei ass — —

Papp: (ennerbrecht) dein zo'könftege Schwoer. (weist op den Oscar.)

Oscar: Bonjour, JosyJ (Gin sech d'Hänn.)

Josy: Bonjour, Oscar! Och du verzeis mir.

Oscar: Vergiess alles, a vun elo un wölle mir erem zesumme schaffen fir d'Gedeien an d'Ople'e vun onsem Haus.

Papp: Le'f Kanner! Er Mamm an ech mir si fro' datt d'Gleck erem bei ons ageke'ert ass. Dat Vergângent wölle mir vergiessen an elo dênken a besprieche mir nuren dat Zo'könftegt, èrt an onst Gleck.

Schlusslied.

All: Den Himmel dén sech Wieder drêhend
Iwer ons verdonkelt hat,
Dén ass nês klôr a weist erfréend
Ons e Blumme bestréte Pad.
E gudden Engel huet verhennert
Wat e be'se schlecht gewollt;
En neie Glecksstir feireg glenert
Iwer ons we' rêngste Gold.
Net kloe soll ên; net verzoen
Wann ên Dag mol d'Gleck versét.

Nên. stârk entgengt soll ên dém stoen,
dat dem Gleck an d'Wé sech lét.
Mat Lug an Drug sech et erjoen,
Ass e Gleck wat net lânt hânt.
An durfir brav dé Wé ste'ts goen
Dé mer musse gôn durch d'Welt.
Da bleiwt dem Hierz am gre'sste Kommer
Ste'ts e stolze sche'nen Tro'scht;
Wat d'Schicksal wôlt dat muss jo kommen,
Dat verstôn, ass och en Tro'scht.

Virhang.



Robert: (lét 4 Päck Geld op den Desch.)

Papp: Hei wär dann de Scholdschein. An de Kontrakt get dann eso' ugefèrdegt, dass Dir Associé vu mengem Geschäft sit an èng Hypothe'k drop hutt. Dat Geld kritt Dir da guttgeschriwen. (Hölt d'Geld, bekuckt et a lét et an den Tiroir vum Desch.)

Robert: So' wär d'Sâch dann eso'weit gerégelt. Op we'ne' sètze mir dann d'Ho'chzeit fest? (zum Lisy) Wa mir nach haut bei den Hèr gingen, wär dat lech recht.

Lisy: (kuckt zur Seit a sèt neischt.)

Papp: Kommt dir derno erem, Hèr Robert, da si mir berêt fir matzgoen. D'Lisy ass e we'neg opgerégt.

Robert: Bis derno dann. (of.)

Papp: Nujé Lisy, du wëss dach, dass et net anescht ass an ergeff dech dran. Wanns du emol mat him bestued bass, da kriss de scho Vertrauen an hien, an da wèrd et besser goen, we's de mènchs.

Lisy: Oder schlechter. (Lisy schluckst.)

Mamm: Dajé, Kand, lôss dat do. Den Hèr Robert ass jo am Fong e gudde Kèrel, èllen ass hien och net.

Lisy: Dann huel du en.

Mamm: Lôss de' Dommhéten. An ewe' gesot, du fens schon Vertrauen zo' him, wanns du hien emol besser kënne le'ers. Dei Papp huet jo lâng mat him geschafft, hie wëss och, datt dé Jong net ze verwerfen ass. An iwregens, du bleiws jo bei ons.

Papp: Genug dés do. Ge' mâch dech fèrdeg, wann den Hèr Robert derno kent, dass alles berêt ass.

Lisy: (wölt of.)

5. Optrett.

Jean: Den Hèr Oscar.

Oscar: (am Hutt, mat Koffer a Résbèngel.) Bonjour, all zesummen. (Sètz de Koffer op d'Seit.)

Lisy: (tret erstaunt zreck.)

Oscar: (Dêt den Hutt of a get allen d'Hand.)